N°1559
Entrée le 21.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Gemengegesetz reegelt gréisstendeels, wéi de politesche Pouvoir an enger Gemeng organiséiert ass. De Gemengerot, gewielt vun de Bierger:innen a Bierger aus der Gemeng, bestëmmt souverän iwwert d'Verwaltung vu senger Gemeng. De Gemengerot kontrolléiert och d'Verwaltung vun der Gemeng. Eng Méiglechkeet, déi dem Gemengeconseiller dofir zur Verfügung steet, ass den Artikel 25 vum Gemengegesetz, deen et him/hir erlabt, fir schrëftlech Froen un de Buergermeeschter a Schäfferot ze stellen.

"*Art. 25. Les membres du conseil ont le droit de poser au collège des bourgmestre et échevins des questions relatives à l'administration de la commune. Il y est répondu par écrit dans le mois ou oralement lors de la première réunion utile du conseil communal, le tout dans la forme et de la manière prévues au règlement d'ordre intérieur.*"

An enger mir bekannter Gemeng krute verschidde Gemengeconseilleren op Froen, déi si op Basis vum Artikel 25 gestallt hunn, folgend Äntwert vum Buergermeeschter a Schäfferot:

"*Mir maachen Iech opmierksam, dat déi aner vun Ären uewe genannte Froen an de Ressort vum Buergermeeschter eleng falen a soumat net vum Artikel 25 betraff sinn.*"

Dës Äntwert ass problematesch, well se als Konsequenz huet, dass de Gemengeconseiller seng Kontrollfunktioun vis-à-vis vun der Gemengeverwaltung net méi kann ausüben. Effektiv falen eng ganz Rei vun Entscheedungen, wéi zum Beispill d'Baugeneemegungen oder d'Sécherheet, ënnert d'Kompetenz vum Buergermeeschter. Wann de Gemengeconseiller keng Informatiounen zu dësen Entscheedunge kritt, da léisst een der Gemengeverwaltung fräi Hand an et riskéiert een, dass d'Aktivitéite vum Buergermeeschter net méi duerch ee legitimt demokratescht Organ kontrolléiert ginn.


An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. "*Mir maachen Iech opmierksam, dat déi aner vun Ären uewe genannte Froen an de Ressort vum Buergermeeschter eleng falen a soumat net vum Artikel 25 betraff sinn.*"
    - Ass den Inneminister der Meenung, dass den Artikel 25 duer geet, fir d'Kompetenze vum

Buergermeeschter ze befroen?
  - Falls nee, wéi een aneren Artikel kann ee Gemengeconseiller invoquéieren, fir d'Aktivitéite vum Buergermeeschter ze befroen an ze kontrolléieren?

2. Den Artikel 38 vum Gemengegesetz leet fest:
   *"Le collège des bourgmestre et échevins de chaque commune se compose d'un bourgmestre et de deux échevins."*
   Ass de Buergermeeschter als Deel vum collège des bourgmestre et échevins ze considéieréieren oder net?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n° 1559 vum 21. November 2024 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen iwwer dem Gemengeconseiller seng Kontrollfunktioun vis à vis vun der Gemengeverwaltung.**

1. Den Artikel 25 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 geséit fir: « *Les membres du conseil ont le droit de poser au collège des bourgmestre et échevins des questions relatives à l'administration de la commune.(…) ».*

   D' Froen déi ee Member vum Gemengerot dem Schäfferot als Exekutivorgan vun der Gemeng dierf stellen, betreffen exklusiv dem Schäfferot säi Kompetenzberäich.

   De Buergermeeschter huet och eege Kompetenzen. Hien steet awer net ënnert der Kontroll vum Gemengerot, mäe gëtt engersäits vum Inneminister kontrolléiert wat d' Police administrative ugeet an anerersäits vun sou gutt dem Inneminister wéi den administrative Juridictiounen bei verschidde vu sengen Akten.

   Ee Member vum Gemengerot kann dofir net op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz eng Fro stellen déi d'Ausübe vun der Fonctioun vum Buergermeeschter betrëfft.

2. Op Basis vum Artikel 38 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 ass de Buergermeeschter als Member vum Schäfferot ze consideréieren: « Le collège des bourgmestre et échevins de chaque commune se compose d'un bourgmestre et de deux échevins. »

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden